piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

D'eIDAS-Veruerdnung soll d'géigesäiteg Unerkennung vun elektroneschen Identitéitsmëttelen tëschent de Memberstaten erméiglechen a sou d'digital Mobilitéit vun de Bierger an der Europäescher Unioun stäerken.

Op MyGuichet.lu kënnen sech d'Bierger zwar mat eIDAS-Mëttelen aus aneren europäesche Länner registréieren, awer si kënnen domadder keng Virgäng ënnerschreiwen. Dëst bedeit, datt si trotzdeem op d'Servicer vu Luxtrust ugewise sinn, wat praktesch zu engem Monopol vu Luxtrust féiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat kënnen eIDAS-Identitéitsmëttelen aus aneren EU-Länner op MyGuichet.lu nëmme fir d'Registréierung, awer net fir d'Ënnerschreiwe benotzt ginn?

2. Wéini plangt d'Regierung, déi voll eIDAS-Kompatibilitéit ze implementéieren, sou datt europäesch Bierger dës elektronesch Identifikatioun och fir d'Ënnerschreiwe vun administrative Virgäng zu Lëtzebuerg kënne benotzen?

3. Fonctionéieren d'"titre de séjour" mat gouvID? Wann net, firwat fonctionéiert dat net a plangt de Ministère hei an Zukunft nozebesseren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés